# GUILLAUME

## LIEUTENANT-REPRÉSENTANT A ZUKÜNFTEGE GROUSSHERZOG



©MGD | Kary Barthelmey

## Guillaume

8 octobre 2024

***„Deen Eed, deen ech elo als Lieutenant-Représentant ofgeluecht hunn, engagéiert mech, sämtlech fundamental Wäerter, déi an eiser Verfassung stinn, net nëmmen ze respektéieren, mee se och zu all Zäit ze verdeedegen."***

*Auszuch aus der Ried vum Lieutenant-Représentant Guillaume*



©CHD

## Claude Wiseler

President vun der Chamber vun den Deputéierten



©CHD | Blitz



Chamber vun den Deputéierten – Ëffentlech Sitzung – Vereedegung | ©MGD | Pancake! Foto

***„Haut ass en Dag, wou Lëtzebuerger Geschicht geschriwwe gëtt. [...] D'Traditioun lieft also weider, mee haut ass et déi éischte Kéier, datt e Grand-Duc Héritier den Eed virun der ganzer Chamber an enger ëffentlecher Sëtzung ofleet.***

***Dat wollt d'Parlament esou, well dëse Moment symbolesch an demokratesch weesentlech ass. Är zukünfteg Fonctioun kritt doduerch och déi néideg Legitimitéit.***

*Auszuch aus der Ried vum Claude Wiseler*



D'Deputéiert



D'Regierungsmemberen




## Vereedegung vu Senger Altesse Royale, dem Ierfgroussherzog, als Lieutenant-Représentant vum Groussherzog

am Aklang mam Artikel 58 vun der Verfassung vum Groussherzogtum

### *Ried vum Ierfgroussherzog*

*Här Chamberpresident,*

*Ech soen iech e grousse Merci fir déi léif Wierder déi dir am Numm vun der Chamber an als Represantant vum Lëtzebuerger Land u mech geriicht hutt.*

*Wéi der et esou gutt gesot hutt, ass haut e wichtege Moment am institutionelle Liewe vun eisem Land. De Grand-Duc huet decidéiert mir op dësem Dag eng nei Verantwortung ze ginn, andeem hie mech als Lieutenant-Representant designéiert huet. Ech soen him dofir e ganz grousse Merci, mee och Iech, als gewielte Vertrieder vum Land an der Regierung fir dat Vertraue wat Dir mir schenkt.*

*Als Ierfgroussherzog hat ech d'Geleeënheet, zënter Jore schonn, mech mat villen Aspekter, déi zum Grand-Duc senge Pflichte gehéieren, ze familiariséieren an eng ganz Rei offiziell Aufgaben z'iwwerhuelen.*

*Deen Eed, deen ech elo als Lieutenant-Representant ofgeluecht hunn engagéiert mech, sämtlech fundamental Wäerter déi an eiser Verfassung stinn net nëmmen ze respektéieren, mee se och zu all Zäit ze verdeedegen. Dozou verpflichten ech mech hei virun Iech an huelen déi Responsabilitéit dankbar un.*

*Ech si mir bewosst dat haut och fir mech perséinlech, fir meng Fra an eis Kanner, eng nei Etapp an eisem Liewen ufänkt, a mir kucke mat Vertrauen an d'Zukunft.*

*Ech freeë mech elo, un der Säit vum Grand-Duc, als Lieutenant-Representant, am Déngscht vum Land a sengen Awunner ze stoen an dat Bescht fir Lëtzebuerg ze maachen.*

*Ech soen Iech Merci.*

©Monarchie.lu

### Ried vum President vun der Chamber

Monseigneur,

Haut ass en Dag, wou Lëtzebuerger Geschicht geschriwwe gëtt.

E wichtegen Dag fir Iech, mee och fir all Lëtzebuerger a fir all Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen.

26 Joer no Ärem Papp gitt Dir haut Lieutenant-Représentant.

Mat der Decisioun vum Grand-Duc, fir elo e Stellvertrieder u seng Säit ze huelen, geet d'Traditioun vun engem doucen Iwwergang vun de Pouvoiren un der Spëtzt vum Land vun engem Règne zum nächste weider.

Eng Traditioun, déi et soss bal néierens gëtt an déi 1841 an d'Constitutioun ageschriwwe ginn ass, zu enger Zäit, wou d'Lieutenance haaptsächlech gehollef huet, fir datt de Grand-Duc, deen déi Zäit och nach hollänesche Kinnek war, konnt e Representant zu Lëtzebuerg hunn.

Tëscht 1850 an haut hate mir bis elo 5 Lieutenancen. Eng Traditioun, un där d'Chamber och 2023 bei der Ännerung vum Text vun der Constitutioun wollt festhalen an déi een haut am Artikel 58 eremfënnt.

D'Traditioun lieft also weider, mee haut ass et déi éischte Kéier, datt e Grand-Duc Héritier den Eed virun der ganzer Chamber, an enger ëffentlecher Sitzung, ofleet.

Dat wollt d'Parlament esou. Well dëse Moment symbolesch an demokratesch wesentlech ass. Är zukünfteg Fonctioun kritt doduerch déi néideg Legitimitéit.

De Grand-Duc Henri bleift Staatschef, mee Dir als säi Lieutenant-Représentant kënnt hien, wéi mir et elo just vum Premierminister héieren hunn, bei allen Aspekter vun der Ausübung vu senger wichteger Funktioun representéieren.

Haut ass also en Dag, wou Traditioun an Erneierung sech begéinen. Et ass en historeschen Dag fir eist Land, fir d'Dynastie an och fir d'Chamber – eist Parlament. ...

©CHD